

GËFF EN DEEL VUM BENU TEAM!

RESPONSABEL FIR KOMMUNIKATIOUN - MAT ERFARUNG (CDI) (M/W/D)



IWWERT BENU

BENU setzt dat éischt regionaalt Ekoduerf an d'Realitéit ëm: BENU VILLAGE. E Projet am Kader vun der sozio-ekologescher Kreeslafwirtschaft. Alles UpCycling. Alles lokal. Alles sozial verantwortlech. Alles ekologesch exzellent. Alles BENU.

IWWERT D'PLAZ

Als Chargé:e de Communication bass Du responsabel fir :

- d'Entwécklung vun enger konsolidierter Kommunikatiounsstrategie aktiv z'ënnerstëtzen,
- d'Betreiung an d'Weiderentwécklung vum Kommunikatiounsteam,
- d'Kreatioun, d'Verfaassen an d'Plange vu Contenuen a Campagne fir verschidde Medien, (sozial Netzwierker, Websäiten, Newsletter, Printmedien),
- d'Erhéijung vun der Visibilitéit vu BENU an d'Opwäertung vu senger Referenzéierung,
- d'Fleeg vun de Relatioune mat aktuellen an zukünftege Partner:innen,
- d'Ënnerhalen an d'Weiderentwécklung vun der Aarbecht mat der Press,
- d'Organisatioun an de Besuch vun Evenementer.

IWWERT DECH

Wéinst Denger Erfahrung als Responsabel fir d'Kommunikatioun / Evenementer bass Du flexibel, organiséiert a pass Dech de Besoinen vu BENU an engem sozial engagierten Ëmfeld un. Du hues Loscht, innovativ Léisungen ze fannen an zu enger konstanter Verbesserung vun hirer Qualitéit bäizedroen.

Den/Déi ideal:e Kandidat:in

- huet ganz gutt redaktionell Fäegkeeten am Lëtzebuergesch, Franséisch an Däitsch. Redaktionell Fäegkeeten am Englesche sinn en Atout,
- huet eng Ausbildung am Beräich Marketing/Kommunikatioun,
- huet mindestens dräi Joer Erfahrung am Beräich Kommunikatioun an/oder Evenementer,
- kann eegestänneg an am Team schaffen,
- ass disponibel a flexibel,
- Intresséiert sech fir d'Wärter vu BENU an huet de Wonsch, dës ze deelen - woubäi hien/hatt och seng eegen Iddie mat abréngt,
- weist Initiativ a Verantwortungsbewosstsinn.

BEWERB DECH!

Du bass interesséiert?

Da mell Dech mat Dengem CV an engem Motivatiounsschreiwes

op: jobs@benuvillageesch.lu

KONTAKT

BENU VILLAGE Esch asbl.

32, rue d'Audun Esch-sur-Alzette

+352 2791 1949

www.benu.lu

